



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 6. Januar 2021

REÇU
Par Alf Christian, 14:19, 06/01/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klimaschutz a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Während dem Confinement hu vill Leit nees Loscht op Vëlofuere kritt. D'Primm mat där Regierung de Kaf vun engem neie Vëlo oder Pedelec aktuell ënnerstëtzt huet an de läschte Méint ee groussen Zousproch kannt. Déi aktuell Primm soll Enn Mäerz 2021 auslafe mä Regierung huet schonns ugekënnegt, dass se gewëllt ass déi finanziell Bähëllefden iwwer den 31. Mäerz 2021 eraus weiderzeféieren.

Nofro no Vëloen a Pedelec'en ass am Moment sou grouss, datt Velosfirme mat der Produktioun net méi nokommen, an de Keefer net sécher ass wéini de bestallte Vëlo ka geliwwert ginn. Et ass deemno wichteg, dass Leit lo wësse wei et konkret mat der Primm fir de Vëlo oder Pedelec nom 31. Mäerz 2021 wäert weidergoen.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi héich wäert Primm nom 31. Mäerz 2021 sinn ?
- Wéi laang wäert de néi Primm gëllen?
- Wéini gedenkt Regierung Leit iwwert déi nei Bestëmmungen ze informéieren?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Nancy Arendt ép. Kemp

Deputéiert



Luxembourg, le 9 février 2021

REÇU
Par Alf Christian, 08:46, 09/02/2021

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°3385 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3385 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°3385 vum 6. Januar 2021 vun den éirewäerten Deputéiert d'Madammen Martine Hansen an Nancy Kemp-Arendt iwwert d'Primm "Clever fueren"

D'Regierung ass gewëllt de Kaf vun engem neie Vélo oder Pedelec iwwer den 31. Mäerz 2021 eraus mat attraktive Primmen ze ënnerstëtzen. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung wäert an den nächste Wochen dem Regierungsrat en entspreichenden Avant-projet de règlement grand-ducal mat den den detailléierte Modalitéiten ënnerbreeden.